




LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure



Luxembourg, le 19 décembre 2014

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L-2450 Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°747 du 25 novembre 2014 de Monsieur le Député Roy REDING

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Vice- Premier Ministre,
Ministre de la Sécurité intérieure


Etienne SCHNEIDER

Réponse de Monsieur le Ministre de la Sécurité Intérieure Etienne SCHNEIDER à la question parlementaire n° 747 du 25 novembre 2014 de Monsieur le Député Roy REDING

1. D'Verfaassung garantéiert d'Recht fir seng Meenung fräi ze äusseren (Artikel 24) an d'Recht, fir sech friddlech an ouni Waffen ze versammelen (Artikel 25).

Den Artikel 111 vun der Verfaassung gesäit vir, datt all Auslänner dee sech um lëtzebuenger Territoire befënnt déi selwecht Protectioun, déi de Leit an de Gidder zougesprach gëtt, genéisst wéi e Lëtzebuenger ausser d'Gesetz geséit eppes anescht vir. Esou eng gesetzlech Derogatioun gëtt et an deem heite Fall net.

Zanter engem Arrêt vum Conseil d'Etat, Comité de Contentieux vum 4. Februar 1964 schénge et och kloer, datt d'Grondrechter vum Kapitel II vun eiser Verfaassung ënner d'Protectioun vun den Auslänner fällt, déi vum Artikel 111 garantéiert gëtt.

Deemno huet laut eiser Verfaassung den Auslänner dat selwecht Recht seng Meenung ze äusseren an ze manifestéieren wéi de Lëtzebuenger.

2. Den 18. November 2014 war d'Police vun de franséschen Autoritéiten informéiert ginn, datt et kéint zu enger Manifestatioun vun franséschen Tubakhändler zu Lëtzebuerg kommen. Et war net bekannt wou déi Manifestatioun géing stattfanne, mee no enger interner Evaluatioun ass d'Police zum Schluss komm, datt et kéint op der Aire de Berchem sinn. Wéi et am Artikel 40 vum Polizeiegesetz virgesinn ass « *La Police se tient à portée des grands rassemblements publics et prend, en cas de nécessité, les mesures matérielles qui s'avèrent utiles à leur déroulement paisible* », huet d'Police 2 Patrullen op d'Plaz geschéckt. D'Manifestatioun ass friddlech verlaf, sou datt kéng weider Moossnahme vun der Police hun musse geholl ginn.

3. All Infraktioun déi am Kader vun enger Manifestatioun gemaach gëtt kann bestrooft gin. Desweideren kann déi Persoun déi en Schued erleiden huet déi néideg zivilrechtlech Schrëtt aleeeden.